# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°390
DEZEMBER-FEBRUAR'25

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **75/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## GRUPPENVERSAMMLUNG'24



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJÄLL RÄVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




# www.viking-adventures.de

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat.
Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ........................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2024-2025

## Simply present LBB-STAFF for 2024-2025:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
LAMAMRA Harry (Mammut)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Rover / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**<u>BEAVER (BV)</u>**
FRISCH Danie (GriGri)
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
ORELLANA Ruben (Reebou)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email**: **beaver**@lionsbleus.lu

**<u>MEUTE (LX)</u>**
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**<u>TROUPE (SG)</u>**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**<u>EXPLORER (EX)</u>**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**<u>ROVER (RO)</u>**
MAJERUS Max (Lynx)
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**<u>TEMBO (TB)</u>**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# ROVER-TEMBO-WEEKEND
## Wanter Editioun 2024

Ganz genee, du lies richteg,
am Dezember steet nees e Rover-Tembo-Weekend virun der Dier.
Sou an elo nët méi laang gesabbelt, du wees jo souwisou ëm waat ët geet...
Also mell dëch einfach un ;)

**Wéini: 30.November - 1. Dezember 2024**

Rendez-Vous: Samstes, 30.11.24_moies_Gare Dommeldange
Retour: Sonndes, 1.12.24_+/- 16-17:00 Auer_Gare Dommeldange

**!!! more details/infos after inscription !!!**

Material: Pic-Nic fir Samschdes-Mëttes, Gegrills fir SO-Mëttes, Carry-Mat, Schloofsaack, e Rucksaack voller Informatiounen & Motivation, 8 8-tëcher, .......

Däin groussen Rucksaack gët wèi ëmmer gefouert an däin klengen Rucksak hëlls du mat ob den Trajet...

**Umeldung** bis spèidstens den 23.11.2024,
**per mail beim LYNX op: majerus.max@outlook.de**

- - - Also bis dann um RoverTemboWeekend - Wanter Editioun 2024 - - -

# Chrëschtmaart

**18H30 - 21H00** **07.** **DECEMBER**

**WOU?** BEI EIS AM HOME

**FIR WIEN?** JIDDEREEN (KANNER, ELTEREN, FAMILL A FRËNN)

**WAT ERWAART IECH?** WAARME GLÜHWÄIN, SCHOCKI, BOXEMÄNNCHEN, MUSEK, AMBIANCE, DE KANNER HIER BASTELSAACHEN AN NATIERLECH KENNT DE KLEESCHE LAANSCHT ;)

**UMËLLDUNG?** BIS DEN **30.11.** OB CG@LIONSBLEUS.LU MAT DER UNZUEL U LÉIT

**PRÄIS?** 5 EURO PRO KAPP SINN DEN OWEND SELWER MATTZEBRENGEN

**WAT BRAUCH DIR?** GUTT WAARM KLEEDER, **BECHER**

# GR-KRËSCHTCAMP'24 | FIR BV/LX/SC/EX/RO/TB






**Léif Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer!**

**Ech sinn den Roger Regisseur an ech mengen ech si beklaut ginn. Méng Tru voller Kreativitéit ass fort! Dir musst wëssen, ech sinn en Theater a Film Direkter an dës Tru ass alles wat mir wichteg ass. An elo fannen ech se net méi erëm!!!**

**Hëlleft dir mir meng Tru zu fannen? Ech verloosse mech op iech!**



| | |
|---|---|
| **Wéini:** | 21.-23. Dezember 2024 |
| **Départ SC&EX:** | Samstes, den 21.12 um 09h30<br>op der Gare Centrale Lëtzebuerg |
| **Départ BV&LX:** | Samstes, den 21.12 um 10h30<br>op der Gare Centrale Lëtzebuerg |
| **Retour BV/LX/SC&EX:** | Méindes, den 23.12 um 17h00<br>bei der Rocade |

**Souche:** bis spéitstens de 14. Dezember 2024

**Präis:** **60,00 €,** sinn bis de 14. Dezember 2024 op de Compte:
Les Lions Bleus - Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
ze iwwerweisen mat der Mentioun: Chrëschtcamp 24 + Numm vum Participant.

**Material:** e klenge Rucksak mat **Picknick fir BV & LX**, Carrymat fir d'SC & EX, Schlofsak, dem Wieder ugepasste Kleeder (et gëtt kal), Ersatzkleeder, Ënnerwäsch, Pyjama, Wäschsaachen, Gamelle mat Besteck a Kichenduch, e **Bidon mat Waasser (1l)**, dem Wëllefchen séng 5 Saachen / dem Scout séng 7 Saachen, ...

**Heimat erlaaben ech ________________________________ méngem**

**Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer ____________________________**
**um Krëschtcamp'24 vum 21. bis den 23. Dezember 2024 vun den Lions Bleus deelzehuelen.**

**Ënnerschrëft: ______________________________**




**D'Déieren si lass a hunn sech an de klengsten Ecker verstoppt! Sidd dir prett fir op d'Sich no de verluerenen Déieren ze goen? Jo? Dann spëtzt är Oueren, maacht d'Ae grouss op a mëllt iech schnell un, fir eis ze hëllefen d'Déiere rëmzefannen!**




**Ufank:** 11.01.2025 um 10h op dem Parking Glacis beim Tramsarrêt
**Schluss:** 11.01.2025 um 16h beim Home LBB

**Souche:** bis spéitstens de 04.01.2025 ofzeginn/ze schécken
**Praiss:** **8 €**, bis de 04.01.2025 op de Compte:
Les Lions Bleus-Wellef (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
ze iwwerweisen, mat der Mentioun:
Déierensortie'25 + Numm vum Participant.

**Material:**
Waarm an dem Wieder ugepasste Kleeder, e klenge Rucksak, e gefëllte Bidon, eng Gamelle/Besteck/Becher/Kichenduch, dem Wëllefche seng 5 Saachen an natierlech äre Spürsinn …







Heimat erlaben ech ______________________ méngem

Wëllefchen ________________________ un der Déierensortie den

11.01.2025 vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft: ______________________________

# FNEL RAID | FIR D'EXPLORER (EX)

**Dës ScoutsJoër ass ët dann nees souwäit,
den traditionellen Explorer Raid fënnt nees statt!
Wéi all Joërs treffen sëch d'Explorer aus dem ganzen Land fir zesummen eng flott Zait Dobaussen ze verbréngen. Dësen Event ass voll gepackt mat flotten Aktivitéite vun all Zort, an natierlech ass daat déi perfekte Geleeënheet fir nei Frëndschaften ze schléissen!**

Fir de Moment ass just den Datum bekannt, genee Détailer kritt der soubaal der ugemellt sidd ;)

**Dofir** >>>> **!!! 11.-12. Januar 2025 !!!**




**Start?** Samstes, 11.01.2025 +/- 14 Auer an der Staat (evtl Gëlle Fra)
**Retour?** Sonndes, 12.01.2025 um 10 Auer beim Home vun de Mamer Wiselen.
Déi genee Infos/Détailer kommen no der Umellung !!!

**Waat muss den Explorer dobei hunn?** Alles fir een Trajet vun 20km an eng Nuescht dobaussen. Mir schloofen bei de Wiselen ënnen am Préo/Accueil vum Lost. (+++Carrymatt, Schloofsack, Gamelle an alles wat ee soss brauch...)

**Unmelldung?** Souche ass oofzeginn bis 21.12.2024.
**Praiss?** **15€**, sinn ze iwwerweisen bis 21.12.2024 op den Konto: Lions Bleus-Explorer (BCEE Lu30001949559102600 0) mat der Mention: FNEL Raid'25-Numm vum Participant.






Heimat erlaaben ech ______________________ méngem Explorer ____________________ mat ob den ExplorerRaid den 11.-12.01.2025 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschrëft: ___________________________

# FNEL DIVERS | FIR D'ROVER&TEMBO







# FNEL EXPLO | FIR D'TROUPE (SC)

## FNEL Scouts EXPLO --- WinterEdition --- 8.-9.02.2025






**Start?** Samstes, den 8.02.2025 ***
**Retour?** Sonndes, den 09.02.2025 ***
*** Déi genee Infos/Détailer kommen >>> no der Umellung !!!

**Unmelldung?**
Mail op troupe@lionsbleus.lu mat dem Numm vum Participant oder Souche oofginn bis den 21.12.2024 / bis den KrëschtCamp !

Heimat erlaaben ech ________________________________ méngem

Scout ________________________________ mat ob den EXPLO'25

den 8.-9.02.2025 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschréft: ________________________________



## INVITATION
# ASSEMBLEE GENERALE ORDINAIRE

Léiwe Member, léiw Elteren,

De Comité vun de Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. huet d'Éier Iech op eis alljährlech ordinär Generalversammlung ze invitéieren. D'Versammlung wäert stattfannen

**Den 1. Februar 2025**
**um 18h00 Uhr**

**Home LBB**
**61, rue de Pulvermühl**
**L-2356 Luxembourg**

**Um Ordre du Jour sti folgend Punkten:**

1. Begréissung an Usprooch vum President
2. Rapport vun der leschter Generalversammlung vum Sekretär
3. Rapport vum Caissier iwwer d'Finanze vum Joër 2024
4. Rapport vun de Keessereviseuren iwwer d'Finanze vum Joër 2024
5. Presentatioun vum Budget fir d'Joër 2025
6. Ernennung vun de Keessereviseuren fir d'Joer 2025
7. Rapport vun de Scoutsaktivitéite vum Joër 2024
8. Erneierung vum Comité fir d'Joer 2025
9. Verschiddenes a Geméschtes

Merci fir d'Participatioun iwwer Mail op comite@lionsbleus.lu bis de 28.1.2025 ze bestätegen.

## LBB-Shop 17h30-18h00 & no der AG

Profitéier vun der Geleeënheet fir op der eiser AG, an och dono, nach deng nei Saachen am Shop ze kaafen a vu super Remisen ze profitéieren!

Eis ganz Gamme fënns du op https://www.lionsbleus.lu/lions-bleus/shop

# Fuescamp Beaver



Hallo léiwe Beaver! Wollts du schonn ëmmer eng Kéier wësse wie mir an der Vergaangenheet gelieft hunn oder mol an d'Zukunft reesen a mat engem fléienden Auto fueren. Dann ass elo Méiglechkeet fir dech, well de Bibu ass vun engem Zeitreesenden entfouert ginn a mir mussen hien sou schnell wie méiglech rëm fannen. Mell dech also séier un fir dass mir de Bibu zesumme rette kennen!

**RDV:** 15. Februar 2025 um 11h00 op der Gare Centrale
**RETOUR:** 17. Februar 2025 um 13h30 beim Chalet Greng Scouten zu Diddeleng (100 Rue Jean Friedrich, 3469 Dudelange)

**PRÄISS:** **50€** sinn ze iwwerweisen bis den 8. Februar 2025 op den Compte: "Les Lions Bleus-Beaver" mat der Mentioun : "Fuescamp25 + Numm vum Participant" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)

**SOUCHE:** ass ofzeginn bis spéitstens den 8. Februar 2025!

**Waat muss du matzehuelen:**
Dem Wieder ugepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, ee klengen Rucksak, Gamelle (Besteck,Becher,Kichenduch), Schloofsaack, Pyjama, Wäschsaachen, Foulard, (Petzi fir ze schlofen) ...

Heimat erlaaben ech ________________________________

méngem Beaver ____________________________ deelzehuelen

um Fuescamp den 15. - 17. Februar 2025 vun den Lions Bleus an

ginn d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschreft: ____________________________



# TECHUANA 2025 | FIR EX/RO/TB...

## „ Der Berg ruft”

**Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana.**
Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen. Op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2024 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **14.Februar 2025** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus
**Zerèck:** Sonndesmoies, den **23.Februar 2025** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus

**Präiss:** fir < 18 Joër = **475 € + 250 € = Total € 725**
fir > 18 Joër = **475 € + 275 € = Total € 750**

Daat heescht 475 Euros fir Transport, Chalet, Programm, Iessen, Sauna / Schwämm & déi Léit déi Ski fueren > mussen nach 250/275 Euros fir den Skipass bezuelen.

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover”
>>> bis **spéidstens den 1.02.2025** mat der Mention “Techuana 2025 & Numm vum Participant”.

**Täschegeld:** +/- **60 €** ginn duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

<u>D'Souche muss du awer schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!</u>

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ............................................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

......................................................................................
mat um **TECHUANA-Wantercamp'25** (14.-23.02.2025) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft ..................................................................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Sortie Vitarium BV



**Moien léif Beaver,**
DU wolls schon ëmmer wëssen vun wou eis Mëllech kënnt?
Schon ëmmer mol wëssen wéi ët hannert den Kulissen bei der Mëllechproduktioun ausgesait?
All déi Froën an méi wärten op dëser Sortie beäntwert ginn, wann mir den Vitarium besichen ginn!
> Also mell dëch séier un!



**Rendez-Vous:** Samstes, den 08.03.25 um 09:30 beim Vitarium
(Luxlait Association Agricole Am Seif, L-7759 Roost/Bissen, Luxembourg)
**Retour:** Samstes, den 08.03.25 um 14:30 nees um Parking beim Vitarium.

**Präis:** **10 Euro** sinn sinn ze iwwerweisen bis den 1. März 2025 op den Compte:
Les Lions Bleus-Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun: Vitarium-Sortie + Numm vum Participant

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 01.03.2025 !

**Waat brauchs du:**
E klengen Rucksaack mat opgefélltem Bidon an klengen Pic-Nic fir Mëttes, Foulard, dem Wieder ugepassten Kleeder, Motivatioun ...

Heimat erlaaben ech ..........................................................................

méngem Beaver ..........................................................

den 8.03.2025 mat op d'Sortie ‚Vitarium' vun den Lions Bleus ze goën.

Ënnerschrëft ..........................................................

LUXLAIT
vitarium

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**
**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**


D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 15.-16.03.2025 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)
Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

**WICHTEG INFOS:**

| | |
|---|---|
| Rendez-Vous: | Den 15.März 25 um ...8 Auer MAT Kaffi<br>...9 Auer OUNI Kaffi |
| Schluss: | Den 16.März 25 um 16 Auer. |
| Wou? | Natiirlech am Home. |
| Waat brauchs du? | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |



**Unmelldung/Souche?**
Oofzeginn bei engem Comitésmember oder du schécks së direkt per Mail op: **comité@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ______________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 15.-16.März 2025 un & kommen Samstes op de Start:


◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: __________________

# SORTIE | FIR D'BEAVER (BV)

**Léiwe Beaver,**
du wollts schonn ëmmer däi Wëssen iwwer d'Natur ënner Beweis stellen oder villäicht eppes neies iwwert eis Biodiversitéit zu Lëtzebuerg gewuer ginn. Kee Problem, op dëser Sortie léiere mir villes iwwer d'Déieren a Planzen déi een bei eis esou fënnt a wéi mir sie zesummen ënnerstëtze kennen. Wann daat alles interessant kléngt, dann waart nët a mell dëch elo séier un!





**Start?**
Samschdes, 29. Mäerz 2025 um 10h00 am Home LBB
**Schluss?**
Samschdes, 29. Mäerz 2025 um 16h00 am Home LBB

**Präiss?** **5€** sinn bis den 22. Mäerz 2025 ze iwwerweisen op de Compte:
Lions Bleus-Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun : Natursortie'25 + Numm vum Participant

**Souche?** ass ofzeginn bis den 22. Mäerz 2025!


**Waat brauch ech?**
Klengen Rucksack mat gefelltem Bidon, dain Foulard, dem Wieder ugepassten Kleeder an natierlech vill Motivatioun!

Heimat erlaaben ech ______________________________ méngem Beaver

____________________________________ deelzehuelen op der NaturSortie den

29. Mäerz 2025 vun den LionsBleus an **ginn d'Souche pünktlech oof**!

Ënnerschrëft: _____________________________________



# FNEL SummerCamp ‚den ODYSSEY‘ - SaveTheDate




**LÉIF SCOUTEN, EXPLORER, ROVER an natiirlech LÉIF CHEFFEN,**

Wéi's du scho matkritt hues, si mir frou dech op de nächste Federalscamp vun der FNEL ze invitéieren. A wat fir ee Camp eis do erwaart ! Zesumme gi mir an d'Land vun den Tulpen, Wandmillen an Gouda! Jo du hues et erroden - Mir ginn an Holland! Mee net nëmmen dofir sinn sie bekannt. Komm mir entdecken Holland zesummen an esou ewéi dir et nach nie gesinn hutt. Mir beginn eis dofir op eng Rees ronderëm Zäitalter vun der gëllener Epoch, vun den groussen hollänneschen Entdecker an Kënschtler! Mat iwwer 26 % vu senger Fläsch ënnert dem Mieresspigel an ville Polderen bitt Holland eis eng perfekt Kuliss fir ee Federalscamp, wéi mir en nach net gesinn hunn. Kommt mat eis op des Aventure an erlieft Scoutismus puer, mat villen Outdoor Aktivitéiten, enger rieseger Campplaz direkt um Waasser, onbeschreifleche Momenter an du schléiss och nach Frëndschafte fir d'Liewen !
D'Pré-Inscriptioune sinn ofgeschloss an elo gi mir an déi definitiv Umeldungen eriwwer déi integral iwwert däi Grupp lafen.

**Wéini & Wou :** **19. Juli 2025 - 2. August 2025** am **Scoutscentrum Zeewolde - Holland**
(Oppassen! D'Scouten mussen den 1. September 2024, 11 Joer al sinn fir matzegoen!)

**Praiss :** **650€**
1. Acompte 250,00 € - 15/11/2024 - net remboursabel
2. Acompte 250,00 € - 20/02/2025 - remboursabel bis den 21/05
3. Acompte 150,00 € - 21/05/2025 - remboursabel bis den 01/07
FNEL Camp Fédéral - BGLLLULL LU10 0030 5397 3672 2000 - Commentaire: ODYSSEY25 - ScoutsGrupp - Virnumm Numm

**Unmelldung :** Ass oofgeschloss !!!
> Wann's du den AC01 (non remboursable - 250€) un d‘FNEL iwwerwisen hues an d'Souche bei déngem Chef vun de LionsBleus oofginn hues **bis den 15.November 2024 !**!!

Ech ..............................................................
erlaaben méngem
Scout/Explorer/Rover/SC-Chef/EX-Chef

..............................................................
**um Camp Féderal ‚ODYSSEY25'** vum **19.07.-02.08.2025** vun der FNEL an Holland deelzehuelen.

Ënnerschrëft vun den Elteren ..............................................

Aide de financement : D'FNEL ass oppe fir all Mënsch, ouni, ënnert anerem, se fir hier sozial Hierkonft oder hir Verméigen ze ënnerscheeden. Esou steet et an de Statute vun der FNEL geschriwwen. A fir all Scout d'Méiglechkeet ze ginn un engem Federalscamp deel ze huelen, besti verschidde Méiglechkeete fir deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi net esou gutt do stinn. Dest kennen, zesumme mam Grupp an der FNEL, Finanzéierungshëllefen sinn oder och nach d'Opdeele vun de Käschte vum Camp op verschidden Mensualitéiten. Zéckt net äre Gruppechef oder d'FNEL (campfederal@fnel.lu) dorobber unzeschwätzen / schreiwen.

Mir freeën eis, dech mat ob dëst onvergiessbar Rees matzehuelen an zesummen nei Erfarungen an Entdeckungen ze maachen.

**Groetjes, Äre Staff**

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |
| 11.01.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.01.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.01.2025 | | keng Versammlung (CH CityTrip) |
| 01.02.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 01.02.2025 | | LBB Assemblée générale |
| 08.02.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 15.-17.02.2025 | | CAMP |
| 22.02.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 01.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 08.03.2025 | | SORTIE |
| 15.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 22.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 29.03.2025 | | SORTIE |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |
| 11.01.2025 | | SORTIE |
| 18.01.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.01.2025 | | keng Versammlung (CH CityTrip) |
| 01.02.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 01.02.2025 | | LBB Assemblée générale |
| 08.02.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 15.02.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 22.02.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 01.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 08.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 15.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 29.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |
| 11.01.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 18.01.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 25.01.2025 | | PatrullenVersammlung (+CH CityTri |
| 01.02.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 01.02.2025 | | LBB Assemblée générale |
| 08.-09.02.2025 | | FNEL EXPLO |
| 15.02.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 22.02.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 01.03.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 08.03.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 15.-16.03.2025 | | SENSI-BADGE WEEKEND |
| 22.03.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 29.03.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 12.12.2024 | 10:00 - 18:00 | FNEL TB 'Stëmm vun der Strooss' |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |
| 22.12.2024 | | FNEL RO KrëschtPatt op der Rhum |
| 11.-12.01.2025 | | FNEL EX Raid |
| 18.01.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 18.01.2025 | | FNEL RO/TB Quiz bei den EQ |
| 25.01.2025 | | keng EX Versammlung (CH CityTrip |
| 01.02.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 01.02.2025 | | LBB Assemblée générale |
| 08.02.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 15.+22.02.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 14.-23.02.2025 | | TECHUANA ab EX |
| 01.03.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 08.03.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |




**Dag 1**
D'Scouten an Explorer hunn sech Méindes Moies um 9h op derGare Centrale getraff a si mat Sack a Pack op den Trajet lass gaangen. Nomfannen an entschlëssele vun de verschiddenen Messagen, sinn si Schlussendlechop der Campplaz um Néihäichen ukomm. No enger kuerzer Paus wo et dunn och schonnZäit fir d'Zelter an d'Konstruktiounen opzeriichten. Nodeems d'Kichekonstruktiounen esouhallef stounge gouf dunn och gekacht a giess. Fir den éischten Owend stoungeGromperekichelcher um Programm. Wëll den éischten Dag zimmlech ustrengend wo, goufOwes just ee GBS (gemütliches Beisammensein) gemaach.





**Dag 2**
D'Thema vum Camp wo "Ëmmer der Wandrous no" an dofir wo et d'Zilall Himmelsrichtunge vun eisem schéine Ländche kënnen ze léieren. Als éischt simir dunn an den déiwen Norden op Clierf gefuer. Hei haten d'Cheffen e flott Stadspillvirbereet wou d'Kanner d'Geschicht vu Clierf besser kenne léiere kënnen. Si misstenUnhand vu Biller a Rätsele verschidde Plaze fannen an eis eng Photo schécken.Fir d'Mëttesiessen, hate mir Moies virum Depart ee Picknick gemaach. Nom Stadspillsi mir all zesummen ëmm Housen Minigolf spille gaangen. Hei hu mir an Equippeversicht de Ball mat esou mann Schléi wéi méiglech an d'Lächer ze kréien. NomMinigolf si mir dunn nees zeréck op Campplaz gefuer fir zesummen d'Owesiessevirzebereeden. Et goufe Campingsnuddelen ze iessen. Wärend dem Camp goufen d'Kannera 3 Gruppen agedeelt. Sanitäre Botzen, Owesaktivitéit virbereeden an Tempslibre. Wëll mir beim kachen e bësse méi laang gebraucht hu wéi geplangt, gouf Owes leider keng Aktivitéit méi gemaach. Mir hunn den Owend gemitterlech auskléngegelooss.





**Dag 3**
Mëttwochs hu mir Moies nees eise Picknick gepackt a sinn anden Oste gefuer. Als éischt hu mir do ee klénge gemittlechen Trëppelwee amMëllerdall gemaach. Dëse gutt 13 km laange Wee ass duerch Bësch, Felder aWäiriewe gaangen. Mir haten immense Chance mam Wieder, wëll et wo keng Wollekum Himmel! Nom Mëttegiesse kruten d'Kanner eng Glace als Belounung dat se den Trëppeltourgepackt haten. Duerno wo de Programm vill méi enstpannt. Mir si nämlech obBorn gefuer fir eng Visite vun der Distillerie Ramborn gemaach ze kréien.Mir krute gewise wéi si hire Cidre an hier Juse maachen a konnten hannert Kulissekucken. Zum Schluss krute mir eng Degustatioun vun hire Juse gemaach. No dësem entspaanten Ausfluch si mir alleguer nees op Campplaz gefuer an hunn ugefaangen ze kachen.Als Plat gouf et Wäinzoossiss mat Moschtersauce a Purée. Dat huet eis alleguertenimmense gutt geschmaacht an huet eis Kraaft gi fir den Owesprogramm. Fir d'Owesspillgoufen 2 Equippe gemaach. All Equipe misst sech ee Wuert ausdenken den ausgenau esouvill Buschtawe besteet wéi d'Unzuel u Leit an der Equipe. Elo krittjiddereen 1 Buschtaf an d'Nummer vun der Plaz wou sech de Buschtaf am Wuert befënnt.Wann Spill lass geet, muss Jidderee ronderëm lafen an d'Wuert vun der anerer Equipeerroden.





**Dag 4**
Donneschdes Moies stoung, als Ofwiesslung, Temp libre umProgramm. D'Kanner, awer och Cheffen, haten d'Méiglechkeet ze maache mat zegrad Loscht haten. Déi eng hunn hier Konstruktioune verbessert an déi anerhunn zum Beispill Volleyball gespillt. Nom Mëttegiessen si mir dunn an de Kloterparkzu Stengefort gefuer, wou mir de Nomëtte verbruecht hunn. Nees zeréck op derCampplaz hu mir nees ugefaange fir Owes ze kachen. Dës kéier gouf et Bauereneintopfmat Brout. Als Owesaktiviéit gouf ee Lagerfeier ugemaach a mir hunn zesummegesongen a Loup Garou gespillt.





**Dag 5**
Freides stoung Moies du Kayak fuere bei Dillingen umProgramm. Fir d'Mëttegiessen haten d'Cheffen eng lecker Nuddelszalot virbereet,déi si laanscht bruecht hunn. Am Nomëtten haten d'Kanner dann d'Méiglechkeet umlechternacher Séi de Nomëtteg ze verbréngen. Si konnte Schwammen, an d'Waassersprangen, op der Wiiss relaxéieren an natierlech kruten si och eng Glacespendéiert. Owes gouf et du Kniddelen ze iessen. Als Ofschloss huet d'Organisatiounsequippee grousse Stratego am Bësch virbereet. Dat huet immense vill Spaass gemaach, a wéinstde villen Hindernisser am Bësch och net esou einfach. Mat e puer klenge Boboenass awer jidderee Midd mee glécklech Schlofe gaangen.



**Dag 6**
Samsdes wo dann och leider schonn de leschten Dag vumSummercamp. Do huet jiddereen eng Hand matt ugepak fir alles ze raumen an zebotzen. Als éischt gouf alles op der Campplaz ageraumt, an zeréck am Home goufalles gebotzt an op déi richteg Plaz geraumt. Mëttes hu mir eng leschte Kéierzesumme gegrillt bevir jidderee glécklech Heem gaangen ass.

**LOUP**













# RAPPORT 1.Versammlung | GROUPE (GR)





No enger laanger Summerpaus hunn sech all eis Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer a Cheffen am Home getraff fir dat neit Scoutsjoer ze starten! Leider wo eise Chalet wengst der laanger Summerpaus bëssen duerchernee geroden...soudass villes op der Kopp stoung an eise Fändel gefeelt huet! Sou konnte mir dat net Scoutsjoer awer net starten!





Mat der Hëllef vun all eise Memberen hu mir da 6 verschidde Gruppe gema an a Form vu Posten eise Chalet rëm an d´ Rei bruecht! Dobäi sinn ënner anerem d´ Poubellë sortéiert ginn, d´ Gewierzer si geschmaacht a geraumt ginn, Mikado-Spill ass genotzt a geraumt ginn, de Leo Léiw, eisen treie Maskottchen ass erëm fonnt ginn an ee flotte Parcours ass gema ginn.
No engem flotten Nomëtten hu mir dunn eng Gruppefoto gema an alles rëm richteg gestallt wei et sollt sinn! De Fändel ass zum Ofschloss dann zum Gléck erëm fonnt ginn! Sou konnten mir dann awer nach gutt Starten. Zum Ofschloss kruten d´ Kanner dann eng Waasserglace bevir et schonn Zeit ginn ass fir Heem ze goen. **Mankei**






# RAPPORT Montée | GROUPE (GR)





05.10.2024
Et wor erëm sou weit. D'Montée stoung virun der Dier.
D'Scouten an Explorer hunn sech schonn Moies um 10 Auer getraff fir op den Trajet kennen ze goen. Den Trajet wot des Kéier an der Form vun engem Actionbound, also engem interaktiven Trëppeltour mat der Hëllef vun enger App. Parallel dozou hunn sech eis klengste Branchen, Beaver a Wëllef, um 14 Auer am Home getraff. Sur Place hunn sech d'Beaver da lues op eis Montéesplatz gema, woubäi si ënnerwee nach puer Posten ewéi zum Beispill een Nacktfußpfad absolvéieren missten.
Op der Montéesplatz hu mir déi eelste Beaver da Verabschiid an op de Wee fir bei d'Wëllef geschéckt. D'Beaver sinn dunn um 17 Auer Heem gaangen. D'Wëllef hunn zäitgläich hier nei Wëllefcher an de Ruddel opgeholl an hunn sech dann am Home installéiert. Iergendwann sinn eis Scouten an Explorer dann och an den Home agetruedelt. Bis déi sech prett gema haten, wor et schonns Zeit fir d'Iessen.
Traditionell fir d'Montée ginn et Spaghetti mat Tomatenzooss a Kéis.
Nom Iessen hunn sech d'Explorer a Scouten op de Wee gema bei hiir Montéesplaatz. Nodeems Wëllef ferdech woren mat Raume wor et dann och un hinne fir ze goen. Mëttlerweil wor et scho stackdäischter, mais dat huet d'Wëllef net ofgehale fir op d'Montée ze goen, wou da schliisslech all déi al Wëllef bei der Fackel waarde missten, bis hier Zeit komm ass fir een Deel vun der Troupe ze ginn.
Eis Meute ass dann erëm zréck an de Chalet schlofe gaangen. D'Scouten an Explorer haten nach ee längere Réckwee, mais och si sinn dann iergendwann zefridden an de Schlofsak gekroch.

06.10.2024
Den nächste Moie si mir um 8 Auer opgestanen an hunn direkt nom Frühsport fir Moies giess. Nom Spullen hunn sech dann all d'Branchen an hire Räim zréckgezunn an iwwert hier Sixaines, Patrullen an Unitéit geschwat. Verschidde Cheffen hunn dëse Moment da genotzt fir kennen ze raumen an ze botzen.
Fir 12 Auer hunn d'Scouten dann ee Feier ugemaach a fir 13 Auer hu mir giess. Zum Schluss hu mir dann zesumme giess an déi leescht flott Momenter mat Sonn genoss. D'Kanner sinn um 15 Auer Heem gaangen. **Mankei**






# RAPPORT ViizWeekend | ab Scouten (SC/EX)







Samstes fréi um 8h30 hu mir eis beim Home getraff an eis an dem Dortoir Installéiert, direkt si mir du mat de Cheffe Richtung Zëtteg gefuer fir do an der Géigend Äppel ze rafen. No e puer Stonne wou mir gutt vill Äppel a souguer e puer Quidde geraf hunn si mir bei de Lynx, Grizzly, Paco, Yuma an Inaia gefuer fir do e waarme Téi an e puer Schmieren z'iessen. Hinnen nach eng kéier merci gesot, an e schéine bonjour un d'Geessen an d'Hinger. No dëser klenger Paus si mir du Richtung Zens gefuer, wou mir nach e puer Äppel geraf hunn an da schlussendlech an den Home gefouert gi sinn.
Direkt am Home ukomm hu mir ugefaangen d'Äppel ze wäschen, schneiden, häckselen a kelteren. De gudde frësche Viiz hu mir nach op der Platz a Fläsche gefëllt. Owes gouf et gutt z'iessen an zwar Goulasch, dono ware mir all sou fréckt d'ass mir direkt schlofe gaange sinn.

Den Daach drop si mir vill ze fréi erwächt well mir nach Viiz maache missten, wärend der Mëttesstonn gouf et Kniddelen, déi waren deck gutt. Mir hunn nach den Elteren e puer Fläsche verkaf an och nach Taarten a Muffins. No deem hu mir nach bëssi geraumt an do wor de Weekend och scho fäerdeg. **Pitti**












**Halloween Sortie**
Samstes den 9.11 hun mir ons, d'Beaver an d'Wëllef um 14 Auer beim Home getraff. Jidderee war grujeleg verkleed, sou dass mir och glaich an d'Halloween-Stëmmung koumen. No enger klenger Virstellungsronn, ass et dann och direkt mat eisem éischte Spill lassgaangen, Reise nach Transilvanien... Soubaal mir eise Gewënner haaten, dierft all Kand seng eege Monstertuut dekoréieren. Dono ass et weider gaange mat enger Ronn Stoppdanz an enger klenger Paus, wou sech jidderee mat Punsch, Kamellen, Schockela an Uebst stäerke konnt.
Als klengen Highlight vun der Sortie konnt Jiddereen sech amuséieren e puer Muffins am Thema Halloween ze dekoréieren an no senger eegener Virstellung ze gestalten.
Der Kreativitéit goufe keng Grenze gesat an d'Resultater konnten sech wierklech blécke loossen! Vill ze schnell war et du schonn erëm 17 Auer an d'Beaver an d'Wëllef konnten, voll beluede mat de Muffins hirer Tuut an nach Kamellen erëm heem goen.
**Kaala**













An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the PACKAGE

**T-SHIRT & HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**




T-shirt 17€



Knuet 5€




Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to . . .

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard**,...

& **50 % SOLDES** op:
Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...


> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hierm_€15, Pullover_€10, T-shirt_€5 ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **01/02/2025** ... 29/03/25 ... 17/05/25 ... evtl 1x virum S-Camp

# NEWS LBB - LIB & den LBB hiir Post




## :) **REMERCIEMENTS** vun eisen **MINI-LÉIWEN** :)






**Tembo Dag**

Organiséiert vun Tembo fir Tembo, ass den Tembo Dag eng Opportunitéit fir sech selwer erëm als Scout wéi fréier ze fillen. Um Misärshaff gëtt baussen um Feier gekacht, um Juck oder am Zelt geschlof an natierlech gi vill Spiller dobausse gespillt. Do sinn natierlech Klassiker wéi Wikingerschach a Mölki dobäi awer och méi nei Spiller wéi Cornhole a Spikeball wäerten offréiert ginn. Den Dag drop ass och de Maart um Haff. Et gëtt also d'Méiglechkeet Samsdes owes um Tembo Dag ze schlofen.
Wann's du also Loscht hues op een Dag, wou sech alles rëm ëm dech an däi Stamm dréint, da mell dech séier fir den Tembo Dag un a schreif der den Datum an de Kalenner!

**Wéini?** Samsdes, den 29. Mäerz 2025.
**Wou?** Ab 9h00 ass all Mënsch um Misärshaff wëllkomm, et ass awer och guer kee Problem fir méi spéit dozou ze stoussen.

**Material?**
Foulard, Gamelle, Besteck, Kichenduch, Becher, Schlofsak a Carry-Matt (fir déi wou do schlofen), Zelt (fir déi, wou net um Juck wëlle schlofen).

**Präis?** **15€** op de Kapp. W.e.g. bis den 21. Mäerz 2025 op de Programmskonto vun der FNEL iwwerweisen (LU95 0030 0457 4525 6000)

**Umellen?** per mail op: tembo@fnel.lu

## FNEL - KALENNER

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 12.12.2024 | TB 'Stëmm vun der Strooss' |
| 13.12.2024 | SG Meet & Greet |
| 20.12.2024 | WinterWonderLand |
| 22.12.2024 | RO Chrëschtpatt Rhum |
| 21.12.-05.01.2025 | KRËSCHT-VAKANZ |
| 11.-12.01.2025 | EX Raid |
| 18.01.2024 | RO/TB Quiz |
| 25.-26.01.2025 | CH CityTrip (Antwerpen) |
| 29.01.2025 | CoGro |
| 08.-09.02.2025 | SC Explo |
| 13.02.2025 | Réunion semestrielle |
| 15.-23.02.2025 | FUES-VAKANZ |
| 26.03.2025 | CoGro |
| 29.03.2025 | TB Daag |
| 30.03.2025 | Maart um MisärsHaff |
| 05.-20.04.2025 | OUSCHTER-VAKANZ |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann den Camp fédéral 'ODYSSEY' vun der FNEL fir d'Scouten an Richtung Holland/Utrecht geet
02) dat ët nët ëmmer sou einfach ass bei Jidderengem, mat deene ganze Simplifications administratives...
03) wéi wann mer dës Joër trotz de villen Baustellen an dem uschléissendem Verkéier wärten duerchzéien
04) dat d'Léit och dës Joër nees vill Freed um Viiz-WE op der Äppelstuff an dem neien Kniddeldësch haaten
05) wéi wann bei eis ëm den Home wuel nierft den Versammlung mol ëmmer di eng an aaner méi lass ass
06) dat mer um Schaffweekend Nov'24 mat eiser grousser&motivéierter Ekipp ganz vill ëmgerappt kruuten
07) wéi wann parallel zur AG den 1.Februar och den LBB Shop op wiir an dir hei d'Bestellung kënnt opginn
08) dat den agefruerenen Viiz nët genuch Plaatz haat an dofir versicht huet aus der Tiefkühltruh ze flüchten
09) wéi wann d'Cheffen dës Joër e flotten GruppenKrëschtCamp kuerz virun Krëschtdaag organiséiert hun
10) dat d'Scouten den Foulard nom Krëschtcamp op d'Sait leen an him eng kleng WanterPaus gönnen...

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat d'Planung voll um Laafen wiir, an dofir letzens puer Hollänner an eisem Home LBB geschloof hätten
02) dat d'Post ëmmer nees d'Gewiicht vun der Wandrous vergësst ze notéieren fir eng Rechnung ze stellen
03) dat dëst verkraftbar ass (zeguer fir eis Frischlingen), an wuel nët schlëmmer wéi letzt kéier kann ginn
04) wéi wann wéint enger klenger Imprevue, Bebby & Yves dofir ganz spontan an tatkräfteg agesprong sinn
05) dat op Allerhelljen an dono puer Onéierlécher versicht hun eranzekommen, fir sëch bessi ëmzekucken
06) wéi wann mer dono an der Kichen nët wossten wien méi blénkt>D'Kichen oder Atra&Kodiak...BlingBling
07) dat der gudd profitéieren kënnt, well SOLDES (50%) op LBB Gadget wi Kichenduch,Tuut,Sticker,Bic sinn
08) wéi wann daat guer keng gudd Idee vun him wor an hien sëch wuel mat deem falschen ugeluecht haat
09) dat mer zu Oueren komm ass, dat hei nach Plaatzen opwiiren an d'Léit sëch nach schnell sollen umellen
10) dat dofir ganz vill Zait fir d'Famill iwwreg bleiwt a MIR ierch schéin Krëschtdeeg/gudde Start wënschen

# LBB MEMES




# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

| dezember'24 | | | januar'25 | | | februar'25 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **So** | 1 | **RO/TB Weekend** | Më | 1 | | **Sa** | 1 | BV/LX/TV/EX<br>**LBB AG** & LBB Shop |
| Me | 2 | | Do | 2 | | **So** | 2 | |
| Dë | 3 | | Fr | 3 | | Me | 3 | |
| Më | 4 | | **Sa** | 4 | | Dë | 4 | |
| Do | 5 | | **So** | 5 | | Më | 5 | |
| Fr | 6 | | Me | 6 | | Do | 6 | |
| **Sa** | 7 | **LBB Wantermaart & Kleeschen** | Dë | 7 | | Fr | 7 | |
| **So** | 8 | | Më | 8 | | **Sa** | 8 | BV/LX/EX<br>FNEL SC Explo |
| Me | 9 | | Do | 9 | | **So** | 9 | FNEL SC Explo |
| Dë | 10 | | Fr | 10 | | Me | 10 | |
| Më | 11 | | **Sa** | 11 | BV/PV<br>**LX Sortie**/ FNEL EX Raid | Dë | 11 | |
| Do | 12 | FNEL TB 'Stëmm v.der Strooss' | **So** | 12 | FNEL EX-Raid | Më | 12 | |
| Fr | 13 | | Me | 13 | | Do | 13 | Réunion semestrielle |
| **Sa** | 14 | keng Versammlung<br>**1.Hëllef WE ab CH** | Dë | 14 | | Fr | 14 | **Start TECHUANA** |
| **So** | 15 | **1.Hëllef WE ab CH** | Më | 15 | | **Sa** | 15 | **TECHUANA**<br>**BV Camp** |
| Me | 16 | | Do | 16 | | **So** | 16 | **TECHUANA**<br>**BV Camp** |
| Dë | 17 | | Fr | 17 | | Me | 17 | **TECHUANA**<br>**BV Camp** |
| Më | 18 | | **Sa** | 18 | BV/LX/TV/EX<br>FNEL RO/TB QUIZ | Dë | 18 | **TECHUANA** |
| Do | 19 | COMITÉ | **So** | 19 | | Më | 19 | **TECHUANA** |
| Fr | 20 | FNEL WinterWonderLand | Me | 20 | | Do | 20 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 21 | **GR-KrëschtCamp** | Dë | 21 | | Fr | 21 | **TECHUANA** |
| **So** | 22 | **GR-KrëschtCamp**<br>FNEL RO Krëschtpatt Rhum | Më | 22 | | **Sa** | 22 | **TECHUANA** |
| Me | 23 | **GR-KrëschtCamp** | Do | 23 | COMITÉ | **So** | 23 | **Retour TECHUANA** |
| Dë | 24 | | Fr | 24 | | Me | 24 | |
| Më | 25 | | **Sa** | 25 | PV<br>FNEL CH-CityTrip | Dë | 25 | |
| Do | 26 | | **So** | 26 | FNEL CH-CityTrip | Më | 26 | |
| Fr | 27 | | Me | 27 | | Do | 27 | COMITÉ |
| **Sa** | 28 | | Dë | 28 | | Fr | 28 | |
| **So** | 29 | | Më | 29 | | | | |
| Me | 30 | | Do | 30 | | | | |
| Dë | 31 | VACANCES NOËL bis 05/01/25 | Fr | 31 | | | | |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

fnel scouts & guides

LIONS BLEUS 19 14 BE PREPARED

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

D'CheffenEkipp & de Comité
wënschen séngen Memberen an
Frënn schéin Kréschtdeeg, e
besënnlecht Fest an e gudde Start
an daat neit Joër & bleift gesond ;)



* THATS ALL FOLKS ...